



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Abrëll 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir dauerhaft Entwécklung an Infrastrukturen, den Här Minister fir Immigratioun an d'Madame Minister fir Integratioun weiderzeleeden.

Ech wëll deene concernéierte Ministeren eng Rëtsch Froe stellen, wat d'Entwécklung bei Containerdierfer fir Migranten zu Stengefort, zu Jonglënster an zu Mamer ugeet.

1. Wat sinn d'Intentioune vun der Regierung wat d'Containerduerf zu Stengefort ugeet? Plangt si nach ëmmer un engem Containerduerf op der Plaz hannert dem „Park and Ride“ zu Stengefort fir do Migranten (DPI oder BPI) ënnerzebréngen? Wann jo, ënnert wéi enger Form a mat wéi enger Prozedur? Wat soll genee mat dem Terrain geschéien? Ass eventuell och nach un eng aner Plaz an der Gemeng Stengefort geduecht fir e Containerduerf oder aner Opnaamstrukture fir Migranten anzeriichten?
2. Am Laf vun den Diskussiounen fir e Containerduerf zu Stengefort opzeriichten, huet d'Regierung ëmmer nees ënnerschiddlech Ukënnegunge gemaach. Am Ufank sollte 600 Container op Stengefort kommen, eng Zuel déi am Laf vun der Zäit ëmmer nees revidéiert gouf. Wat sinn déi aktuell Virstellungen? Wéi wëll d'Regierung hir Kommunikatiounspolitik géintiwwer de Stengeforter Leit verbessern?
3. Wat ass d'Positioun vun der Regierung zu dem fir dat Containerduerf relevante POS zu Stengefort? Wëll si e bäibehalen, trotz engem Geriichtsuerteel, datt festgehalen huet, datt, fir datt de POS hätt kënnen a Konformitéit zur Legislatioun sinn, den zoustännegen Autoritéite vum Ufank vun der Prozedur un, hätt missen en Dossier mat enger déifgräifender Ëmweltstudie virgeluecht ginn?
4. Ass et richteg datt elo, nodeems d'Regierung de Prozess géint eng Stengeforter Biergerinitiativ verluer huet, si zwar de POS wëll zrëckzéien, awer net de Reklassement vun dem betroffenen Terrain? Ass d'Regierung net där Meenung, datt si misst, ënner deenen

aktuelle Konditiounen, souwuel de POS wéi och de Reklassement vun dem Terrain zréck zéien?

5. Ass et richtig, datt d'Regierung e Reglement iwwer e POS ugeholl huet, ouni e Geriichtsuerteel an enger lafender Prozedur ofzewaarden, déi d'Legalitéit vun där rechtlecher Basis, op där dat Reglement baséiert, iwwerprüft? Kann esou e Virgoen net zu engem Domino-Effekt féieren, dee sukzessiv d'Illegalitéit vun allen Decisiounen erbäiféiert, op deenen de Bau vun engem Containerduerf zu Stengefort baséiert? Wär et dowéinst net méi richtig gewiescht, dat Uerteel ofzewaarden?
6. Opgrond vu rezenten Aussoe vun engem Regierungsmember um Radio, déi zu ënnerschiddlechen Interpretatioune kënnen féieren, wéilt ech froen, wéivill Leit, déi BPI oder DPI sinn, am Abléck schon zu Stengefort ënnerbruecht sinn, onofhängeg vun der rechtlecher Natur vun där Struktur an där si wunnen? Kann d'Regierung ofschätzen, wéi sech déi Zuelen duerch d'Familljenzesummeféierung kënnen entwéckelen?
7. Wéi positionéiert sech d'Regierung aktuell zu de Containerdierfer zu Mamer an zu Jonglënster? A wéi engem Stadium sinn déi respektiv Prozedure vun deenen op deene Plazen geplangten Infrastrukturen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten